# D'LASEP AN DER GEMENG KIELEN

LASEP
LIGUE DES ASSOCIATIONS SPORTIVES DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

## D'LASEP MÉCHT FREED !

### FIR D'KANNER AUS DEM CYCLE 1 SPILLSCHOUL AN DE CYCLEN 2, 3 AN 4

D'LASEP ass normalerweis jiddwerengem e Begrëff, a wann dir méi wëllt doriwwer wëssen da luusst einfach eran op **www.lasep.lu**.

### WAT ?

D'LASEP (Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Primaire) an d'Gemeng Kielen offréieren ab dem 17. September 2024 nees eng Hellewull vun Aktivitéiten, dëst mat dem Zil d'Spill a Sport ze promouvéieren. Dës Offer riicht sech un all d'Kanner aus de Cyclen 1. Spillschoul bis Cycle 4.2. D'Memberskaart fir e Kand kascht 40 € fir d'ganzt Schouljoer !

### WÉINI AN WOU ?

Lass geet et erëm de 17. September 2024 an der Sportshal zu Kielen. Den éischte Rendez-vous ass :

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dënschdes | 17. September | vu **15.00 – 16.00 Auer** | fir d'Kanner aus dem **Cycle 1** (Spillschoul) |
| Donneschdes | 19. September | vu **15.00 – 16.00 Auer** | fir d'Kanner aus dem **Cycle 1** (Spillschoul) |
| Dënschdes | 17. September | vu **14.00 – 15.00 Auer** | fir d'Kanner aus dem **Cycle 2** |
| Donneschdes | 19. September | vu **14.00 – 15.00 Auer** | fir d'Kanner aus de **Cyclen 3 a 4** |

An dëst da bis un d'Enn vum Schouljoer 24/25. An de Schoulvakanzen si keng Aktivitéiten. D'Gemeng assuréiert keen Transport (Aller/Retour) fir dës Aktivitéit. Dëst ass e provisoreschen Horaire, a wann d'Gruppen ze kleng oder ze grouss sinn, da kann dësen nach änneren.

### AN ELO AVIS AUX AMATEURS !

De Formulaire fir sech unzemelle fannt dir um Site **www.lasep.lu** oder scannt einfach de **QR Code** hei drënner. Schéckt Är Aschreiwungen u **c.meyer@pt.lu**. **WICHTEG: Fir d'Kanner aus dem Cycle 1, gitt wgl. Dënschdeg oder Donneschdeg an der Mail un.**

Bezuelt wgl. bis spéitstens de **27. September 2024 de Montant vu 40€** op de **Kont CCPLULL LU58 1111 7057 8008 0000** oder per **Payconiq 661 30 87 57**, a gitt d'**Mentioun "Cotisatioun 24/25" an de Numm vum Kand** un.
D'Umeldung gëllt nëmme wann de Betrag bezuelt ginn ass.

Aschreiwungsformular

Texte en français

Text in English